Réunion 09/2025

# Commune de Junglinster

## Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être

**Rapport de la réunion du 18/11/2025**

**Lieu de réunion :** Centre Polayvalent Gaston Stein (am giele Sall)

**Début de la réunion :** 19h00

**Ordre du jour :**

1. Approbation du rapport de la dernière réunion
2. Begréissung neie Member
3. Debriefing : Themenowend "Du bass waats de ess" 15.10.25 Centre Culturel am Duerf JL
4. Invitée: Youth&Work ASBL (Mme Ariane Toepfer an Robert Theisen)
5. Divers

Fabrice Mousel — Philippe Frisch

Président — Secrétaire

## 1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 30/09/25

De Rapport vun der leschter Reunioun ass unanime ugeholl ginn.

## 2. Neie Member

Mir begréissen häerzlech eisen neie Member **Sébastien**. Mir freeën eis, dass Du ab elo aktiv bei eis dobäi bass an op eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht.

## 3. Debriefing – Informatiounsowend *"Du bass wat s du ëss"*

De 15. Oktober huet d'Gesondheetskommissioun hiert zweet grousst Evenement organiséiert: en Informatiounsowend zum Thema gesond Ernärung, ënner dem Motto *"Du bass wat s du ëss"*. D'Evenement gouf an Zesummenaarbecht mat der Madame Rosquin, Diététitienne, op d'Bee gestallt.

D'Kommissioun konnt ronn 50 interesséiert Bierger*innen begréissen, déi opmierksam nogelauschtert hunn a vill Froen un d'Referentin Stéphanie Rosquin, Diététitienne, gestallt hunn. Dat weist op e grousst Interessi an der Populatioun un dësem Thema hin.

Nom inhaltlechen Deel gouf an enger frëndlecher Ambiance e Patt an e puer kleng Schnittercher vun der Kommissioun offréiert. Hei wor d'Referentin nach vill am individuelle Gespréich mat der Populatioun.

De President an de Sekretär soen all de Memberen e grousse Merci fir hiren Asaz an déi gelongen Organisatioun. Den Owend war e Succès.

## 4. Invitée – Presentatioun vun der *Youth & Work SIS*

D'Kommissioun hat fir dës Reunioun d'Madame Ariane Topefer an den Här Robert Theisen vun der Organisatioun *Youth & Work SIS* invitéiert.

**Wat ass Youth & Work SIS?**

Youth & Work SIS ass eng sozial Initiativ, eng „Société à impact sociétal" déi Jugendlecher a jonk Erwuessener aktiv ënnerstëtzt, déi sech an enger Orientéierungs- an motivationsschwaacher Phase befannen.
Mat Hëllef vu gezielte Coaching-Methoden, individueller Begleedung an enger ganzheetlëcher Vue vum Mensch a senge Besoin'en, gëtt de Jonke gehollef, erëm Struktur an hirem Alldag ze fannen, Perspektiven opzebauen an e Wee an d'Aarbechtswelt oder eng Ausbildung z'entwéckelen.

**Wien coacht d'Jonker?**

De Coaching a Begleedung gëtt vun Professioneller aus verschiddene Beruffsfelder ugebueden.
Dës Leit bréngen Praxiserfarung, Fachwëssen, e breede berufflech Background an ganz besonnësch e menschlëch-sozialen, op d'Bedürfnisser vum Mënsch holistësch axéiert Vue mat, wat de Jonken hëlleft, realistesch Vuen op verschidde Branchen ze kréien.

Et handelt sech deemno ëm Fachleit, déi hiert Wëssen, hire Know-how an hir Beruffserfarung an de Coaching afléisse loossen.

**Wat gëtt ugebueden?**

Youth & Work bitt:

- Workshops zu Theme wéi Motivatioun, schoulësch a berufflëch Orientéirung, Kommunikatioun, CV-Opbau
- Individuell Coaching fir d'Festleeë vun Ziler an d'Erstelle vun engem realistesch berufflech Plang
- Hëllef beim Fanne vun engem Stage, enger Ausbildung oder enger Aarbecht
- Weider Begleedung bis zu engem Joer nodeems eng Aarbecht fonnt gouf

Di ganz sozio-psychologësch a gesondheetlëch Situatioun vum Jonken gëtt hei emmer considéréiert.

D'Servicer si fir déi jonk Persoune komplett gratis.

**Zesummenaarbecht mat Gemengen**

Youth & Work schafft scho mat villen Gemengen am Land zesummen a konnt do schonn eng Rei positiv Resultater erreechen. D'Zesummenaarbecht dréit dozou bäi, dat lokal Jugendlechen/jonk Erwuessener direkt eng Méiglechkeet kréien dëse Service an Usproch ze huele.

**Weider Prozedur**

D'Kommissioun huet decidéiert:

E Avis opzesetzen an un de Schäfferot ze schécken, fir d'Méiglechkeet vun enger partnerschaftlecher Zesummenaarbecht mat Youth & Work ze wärmsdens ze recommandéiren.

**5.Divers**

Di nächst Reunioun fënnt de 16/12/25 statt.